Fräiwëllege Pompjee !

Firwat net du?

Fräiwëllege Pompjee ! Firwat net du ?

De fräiwëllegen Engagement an de Rettungsdéngschter huet hei zu Lëtzebuerg eng laang Traditioun an och am Joer 2019 sinn 90% vun alle Pompjeeën zu Lëtzebuerg Fräiwëlleger. De ganz groussen Deel vun den Asazzentere besti just aus Fräiwëllegen an dat wäert och weider sou bleiwen.

An dëser Broschür fannt Dir Temoignagen vun 8 Fräiwëllegen, déi Iech ziele wisou si sech am Corps grand-ducal d'incendie et de secours engagéieren a wat hinnen un dëser Passioun gefält. D'Membere vum CGDIS kommen aus deene verschiddenste Beräicher vum Liewen an dëst Engagement ass mat engem Beruffs- a Familljeliewe vereenbar.

Maach et wéi iwwer 4000 Leit virun Dir: gëff fräiwëllege Pompjee.

Paul Schroeder
Chef de Corps an Generaldirekter
vum CGDIS

Micheline

Alter: 38 Joer

Familljestand: Bestuet

Beruff: Versécherungsagentin

Pompjee am CIS: Manternach

> **Ech sinn do mat Selbstverständlechkeet an enger fir mech friemer Welt empfaange ginn.**

Als geléiert Infirmière hunn ech mech scho méi laang fir de Service ‘First Responder’ interesséiert.

Wéi ech du virun e puer Joren e Flyer vun de Pompjeeën an der Bréifkëscht hat, war ech virwëtzeg a sinn op een Informatiounsowend gaangen.

Ech sinn do mat Selbstverständlechkeet an enger, fir mech friemer Welt empfaange ginn.

Si hunn sech eng Éier draus gemaach mech mat hirer Erfarung an hirem Wëssen duerch déi éischt Übungen, a spéider och Formatiounen an Asätz ze féieren.

Mat Liichtegkeet an Humor hu meng Pompjeeskomerode mech encouragéiert meng Grenzen ze iwwerwannen. Hiren Enthusiasmus war ustiechend, sou dass ech niewent dem First Responder och nach d’Ausbildung fir den operationelle Pompjee gemaach hunn .

Haut sinn ech feste Bestanddeel vun där Equipe an där een sech zu all Moment blann an ouni grouss Wieder op jidderee verloosse kann.

Bis haut huet et mer keen Dag Leed gedoen, dass ech deemools mengem Virwëtz noginn hunn.

> De **First Responder** gëtt am Fall vu vitalen Urgencen vum 112 op d’Plaz geschéckt fir Zäit ze iwwerbrécken bis d’Ambulanz an/oder de SAMU op der Plaz ass.

Thierry

Alter: 48 Joer

Familljestand: Bestuet a Papp vun 2 Teenager

Beruff: Versécherungsagent

Pompjee am CIS: Lac

Am Alter vu 14 Joer sinn ech an d‘Jugendpompjeeën agetrueden an zënter dem sinn d’Pompjeeën ee feste Bestanddeel vu mengem Liewen. Haut sinn ech Zenterchef vum CIS Lac (Stauséigemeng), wou ech mech ëm den administrativen Deel an d’Organisatioun vum Asazzenter këmmeren. Ech sinn als Pelotonchef, awer och als operationelle Pompjee um Terrain aktiv, wat et mir erméiglecht eng spannend an interessant Ofwiesslung zum Beruffsliewen ze hunn.

A 35 Joer Pompjeescarrière hunn ech vill bäi geléiert, souwuel iwwert d‘Geschir an d’Taktiken fir d’Aarbechten beim Rettungsdéngscht, wéi och fir d‘Liewen allgemeng: Solidaritéit, Teamwork, Komerodschaft an Zesummenhalt. An Übungen a Formatiounen, déi ech an eisem Zenter organiséieren, ginn ech gäre mäi Wëssen u jonk Kollege weider.

Ech kann nëmme jidderengem empfeelen de Schratt ze maachen a Kontakt mat de lokale Pompjeeën opzehuelen. Ech géif haut déi selwecht Decisioun direkt nach eng Kéier treffen.

> **Ech sinn als Pelotonchef, awer och als operationellen Pompjee um Terrain aktiv.**

> De **Pelotonchef** gëtt bei gréisseren Asätz op d’Plaz geruff fir d’Coordinatioun tëscht deenen eenzelen Unitéiten ze iwwerhuelen.

Eric

> **Ech hu mat 8 Joer als Jugendpompjee ugefaangen a si mëttlerweil Sektiounschef.**

Ech hu mat 8 Joer als Jugendpompjee ugefaangen a si mëttlerweil Sektiounschef.

Dat heescht, dat ech um Asaz dofir zoustänneg sinn e Won mat 6 Leit ze féieren.

Mir gefält bei de Pompjeeën, dass ech mech ka fir d'Allgemengheet asetze, sief et fir präventiv oder aktiv en Liewen ze retten oder de Bierger hire Besëtz ze schützen a Schlëmmeres ze verhënneren.

Den Zesummenhalt ënnert eis an der Equipe ass enorm. Doduerch si mer zu enger grousser Famill zesummegewuess, wou een sech zu 100% openee ka verloosse.



Alter: 36 Joer

Familljestand: Papp vun 3 Kanner

Beruff: Schräiner

Pompjee am CIS: Péiteng

ⓘ De **Sektiounschef** huet d'Leedung iwwer ee Won mat 6 Leit Besatzung.

Laurie

Alter: 23 Joer

Familljestand: an enger Bezéiung

Beruff: Privatbeamtin

Pompjee am CIS: Miersch a Lëntgen

Ech hunn virun 8 Joer als fräiwëllegen Ambulancier a Pompjee ugefaangen.

Wärend deene Joren hunn ech mäin Wëssen erweidert an ech hunn geléiert wéi wichteg Teamgeescht ass. Dobäi konnt ech scho ganz ville Leit hëllefen, sief et bei engem Accident, engem Féier oder soss Leit an Nout.

Mäi schéinst a beweegenst Erliefnis war eng Gebuert vun engem klenge Meedchen.

Aus dem Hobby gouf eng Passioun an aus Frënn gouf Famill.

ⓘ Eng **Ambulanzequipe** besteet aus 2-3 Leit. Dëst kënnen 2 Professioneller, eng gemëschten Equipe oder 2 Fräiwëlleger sinn.

> **Ech hunn virun 8 Joer als fräiwëllegen Ambulancier a Pompjee ugefaangen.**

Däi Wee bei d'Rettungsdéngschter

01. Éischt-Hëllefs Cours

Aschreiwungen an Informatiounen ënner:

cours.cgdis.lu

Den Éischt-Hëllefs Cours dauert 16 Stonnen a besteet zu 2/3 aus prakteschen Übungen an 1/3 theoreteschem Wëssen.

Den Diplom ass 5 Joer gülteg. Wann s du an deene leschte 5 Joer een Éischt-Hëllefs Cours gemaach hues kanns du direkt an de Sportstest goen.

02. Sportstest

Fir fräiwëllege Member am CGDIS ze ginn muss een un engem Sportstest deelhuelen. Dësen Test ass eng Evaluéierung vun der kierperlecher Fitness, du kanns also net duerchfalen.

03. Examen médical

Nom Sportstest muss een an déi éischt medezinesch Ënnersichung. D'Ënnersichung duerch den Dokter ass gratis an du gëss a Funktioun vun dengen zukünftegen Missiounen getest.

04. Cours d'initiation commun

E Cours vu 4 Deeg, deen eng allgemeng Aféierung an de Rettungsdéngscht ubitt mat ënner anerem Brandbekämpfung a Reanimatioun.

FIS 1

E Cours vu 7 Deeg, dee mat engem Examen ofgeschloss gëtt. No dësem Cours ass ee prett fir als Stagiaire mat op den Asaz ze fueren. Méi Informatiounen op:

inscription.cgdis.lu

SAP 1

E Cours vu 5 Deeg, dee mat engem Examen ofgeschloss gëtt. No dësem Cours ass ee prett fir als Stagiaire mat op den Asaz ze fueren. Méi Informatiounen op:

inscription.cgdis.lu

Weider Informatiounen kriss du ënner:

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen
Centre d'Incendie et de Secours

Win

> **Et huet mech selwer immens iwwerrascht wei frou ech war mam Otemschutz verschidden Übungen duerchzeféieren.**

Am Summer hunn ech eng Sécherheetsformatioun gemaach, fir meng Ausbildung zum Matrous ofzeschléissen. An dem Cours sinn ech déi éischten Kéier mam Beruff “Pompjee” a Kontakt komm. Et huet mech selwer immens iwwerrascht wei frou ech war mam Otemschutz verschidden Übungen duerchzeféieren.

Op der Foire de l’Etudiant hunn ech mech da méi genau informéiert, wéi ech als Stater fräiwëllegen Pompjee kéint ginn. Ech hunn ëmmer geduecht, dass an der Stad bei de Beruffspompjeeë keng Fräiwëlleg matfueren, mee do hat ech mech geiert. Ech hunn dunn deen éischte Rendez-Vous geholl fir de Sportstest ze maachen, deen iwwregens keen Ausscheedungscritère ass! Ee Mount drop sinn ech nach bei den Dokter gaangen, dee mech duerchgecheckt huet a wou ech hunn missen op de Vëlo klammen, fir ze kucken op ech fir den Otemschutz zougelooss ka ginn.

Mëttlerweil gouf ech schonn agekleet a freeë mech op mäin éischte Cours, de Cours d’Initiation Commun.

Ech sinn an de CGDIS agetrueden, well ech ëmmer schonn impressionnéiert vun deene roude Camionen mat de bloe Luuchte war, awer virun allem, well ech gär mat mengen Hänn schaffen, villes Erliewen a vill Erfarunge sammele wëll. Dëst an enger flotter Equipe, fir Mënschen an Nout ze hëllefen.

Alter: 19 Joer

Beruff: Schüler op 2ème am Jongelycée

Pompjee am CIS: Lëtzebuerg

CIS ass d’Ofkierzung vu Centre d’Incendie et de Secours. Et ginn 100 CIS’en am Land an ausser um Fluchhafen ginn et an all CIS och Fräiwëlleger.

Nicole

Alter: 45 Joer

Familljestand: Bestuet a Mamm vun 2 Jugendpompjeeën

Beruff: Infirmière en pédiatrie

Pompjee am CIS: Réiserbann

Ech sinn 1984 an d’Jugendpompjeeën gaangen, well ech anere Leit hëllefe wollt. Haut, 35 Joer méi spéit, sinn ech nach ëmmer am CIS Roeser als Pompjee, Otemschutzdréier a First Responder aktiv.

Mäin Beruff an enger Betreiungsstruktur an der Gemeng erlaabt mir och wärend menger Aarbechtszäit Permanence ze maachen. Besonnesch flott a motivant fannen ech déi kollegial Atmosphär am CIS, dass ech duerch d’Weiderbildung ëmmer Neies léieren an d’Zefriddenheet wann ech zesumme mat der Equipe en Asaz gemeeschtert hunn a Leit an Nout hëllefen konnt.

Wärend 25 Joer hunn ech aktiv bei a fir d’Jugendpompjeeën geschafft. Och dëst war ëmmer eng grouss Freed, fir schonn déi Klengst fir de Beruff „Pompjee“ ze motivéieren.

> **Wärend 25 Joer hunn ech aktiv bei a fir d’Jugendpompjeeën geschafft.**

D’**Jugendpompjeeën** sinn op fir Kanner tëscht 6 an 18 Joer. Hei gëtt ee lues a lues un d’Missiounen vum operationellen fräiwëllege Pompjee erugefouert.

Lydie

Alter: 53 Joer

Familljestand: Celibataire

Beruff: Biologiesprofessesch

Pompjee am CIS: Beetebuerg

Am Laf vu senger Carrière am Domaine “secours à personne” huet een d’Méiglechkeet verschidden interessant Stagen matzemaachen.

No ronn 20 Joer Fräiwëllegenaarbecht an enger ONG hunn ech mech, mat bal 50 Joer, enger neier Erausfuerderung wëlle stellen.

Ech hu mech entschloss, fir déi nei Ausbildung als Secouristin beim CGDIS ze maachen, och well dat an enker Relatioun mat mengem Beruff als Biologiesprofessesch steet. Ech wollt ausserdeem onbedéngt am Volontariat bleiwe, fir en Zeechen ze setze fir méi Engagement an Zesummenhalt an der Gesellschaft.

Als Secouristin kënnt ee mat ville Matmënschen zesummen, déi op Hëllef ugewise sinn. Et gëtt engem vill Satisfaktioun, wann ee Kranken oder Verletzten bäistoe kann.

Als éischt steet natierlech déi paramedezinesch Hëllef am Virdergrond. Do ginn dann all déi Moossnamen geholl, déi an der jeeweileger Situatioun erfuerdert sinn an déi mir als Secouriste uwende kennen. Am Noutfall musse mir och der Equipe vum SAMU assistéieren; d’Basiskenntnisser dovunner léiere mir an eiser Formatioun respektiv am Stage an op den Asätz.

Aktuell sinn ech mat menger Ausbildung zum SAP2 am gaangen, wou een nieft theoreteschen a praktesche Coursen och e Stage am Spidol mécht an am CIS Lëtzebuerg mat 2 Praxisanleiter op der Ambulanz erausfiert.

Eng éischt Betreiung vum Patient mat sengen gesondheetleche Problemer, och am Zesummenhang mat der Famill, ass dat wat mir als Secouriste bei eisen Asätz kënne leeschten a wat dëse Volontariat esou wäertvoll mëscht.

John

> **“The training is professionally conducted, emphasis is placed on teamwork, communication and self-reliance.**

After a 22-year career in the British Army I missed the comradship so service in an organisation dedicated to saving lives and property felt like the right choice.

Why join?

The training is professionally conducted, emphasis is placed on teamwork, communication and self-reliance. Not since the military have I worked with such a motivated fun bunch of characters.

Life is never dull when you have your pager. Interesting opportunities arise whether you are training with Lux Air Rescue or participating as a casualty during a simulated terror attack. Whatever the alert you will always have a profound sense of achievement on successful completion of an intervention.

And did I mention? The uniform looks good too!

Age: 50 years old

Marital status: Married to a luxemburgish wife for ten years

Job: Bus Driver

Firestation: CIS Dalheim

De CGDIS ass op fir jiddereen. Et muss een awer Lëtzebuergesch verstoen an et ass och vu Virdeel wann een Däitsch liese kann.

Noten

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Weider Informatiounen:

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen
Centre d'Incendie et de Secours

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Bass du un engem aussergewéinlechen Hobby interesséiert?

Da gëff fräiwëllege Pompjee am CGDIS!

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Mir bidden:

- Eng Erfarung fir d'Liewen;
- Interessant Formatiounen;
- Ënnerstëtzung a ville Beräicher.

Mir fuerderen:

- Motivatioun an Teamgeescht;
- Bereet sinn sech ausbilden ze loossen;
- Zäit fir sech z'engagéieren.

Iwwer 4000 Leit setzen sech an hirer Fräizäit an: gëff och du een Deel vun dëser Equipe.

Weider Informatiounen:

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen
Centre d'Incendie et de Secours

Groupes d'interventions spécialisés

Och an de Spezialgruppen wéi Taucher, Hondsstaffel, Support psychologique gi stänneg Fräiwëlleger gebraucht: fir weider Informatioune went Iech w.e.g. un den Département des Pompiers volontaires.

volontariat@cgdis.lu

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS